N°577
Entrée le 04.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.04.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Finanzen weiderzeleeden.**

Vum 1te bis de 15te Mee feiert d'ONG Fairtrade Lëtzebuerg d'Fairtrade-Wochen. An deem Kader hat ech den Inneminister gefrot, wéi eng Gemengen hei am Land Fairtrade-Gemenge sinn. A senger Äntwert op d'Fro n°452 schreift hien, dass den Inneministère doriwwer keng Statistike féiert.

Grad de Staat an d'Gemenge sollte mam gudde Beispill virgoen a verantwortlech Produkter akafen. Fir d'Gemengen existéiert de Label "Fairtrade Gemeng", wou et virun allem drëms geet, dass d'Gemeng Werbung fir de fairen Handel mécht an offensiv un d'Bierger:innen kommunizéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Mat wéi vill Euro ënnerstëtzt de Lëtzebuerger Staat all Joers de Kaf vu Fairtrade-Produkter?
2. A wéi enge Ministèrë gi Fairtrade-Produkter kaf?
3. Wat huet d'Regierung bis ewell ënnerholl, fir d'Gemengen allgemeng op d'Notzung vun nohaltëgen Produkter ze sensibiliséieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten